

Rapport vun der Kommissioun vum drëtten Alter

Sëtzung vum 7 Juli 2026

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Pascale BERNA Stefanie BLOCK Yolande EVERAD-GRAFF Sylvie GIERES-DEITZ Carlo KOEPP (Sekretär) Corinne REDING-SCHARLÉ (Presidentin) Seth RUEF Liselotte RUEF-VOGT (Vize-Presidentin) Lydie RUPPERT	Suzanne WEIS-COLLÉ (excuséiert) Sandy WIRTZ (excuséiert)	

Dagesuerdnung

Déi follgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un (3e.oge@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem d'Memberen Schäfferot, ugepasst

1. Begréissung, Presenzelëscht
2. Rapport vum 12. Mäi
3. Demanden a Retouren vun der Gemeng
4. Eis nächst Konferenz
5. Seniorenfeier am Dezember
6. Ausfluch mat der Marie-Astrid
7. Nächst geplangten Datumen
8. Divers

Punkt 1 : Begréissung, Presenzelëscht

D' Presidentin huet eis al häerzlech begrüsst, a speziell d' Madame Corinne Weis vu SIMPA, ee staatleche Service fir eeler Leit.

2 Memberen waren excuséiert!

Punkt 2 : Rapport vum 12. Mäi

De Rapport gouf unanime approvéeiert!

Punkt 3: Demanden a Retouren vun der Gemeng

Eis lescht Propose fir de Kaddo vun der Seniorenfeier muss mir nach eng kéier iwwerdenken. Eng nei Iddi gouf diskutéiert, et bleift awer ee Sujet fir déi nächst Sëtzung.

Punkt 4: Eis nächst Konferenz

An eiser leschter Sëtzung haten mir festgehalen, dat d' Pascale Berna verschidden Servicer fir eeler Leit kontaktéiert an invitéiert, fir mat eis eng nächst Konferenz ze preparéieren. Mir haten vun der **Patienteverfügung an Mäi Wëllen, Mäi Wee** geschwat an vun dem Service **SIMPA**, eng Informatioun a Mediatioun Stell fir eeler Léit.

Wéi am Punkt 1 schonn ugedeit, war duerfir Mme Corinne Weis vu SIMPA an eiser Sëtzung präsent, fir hire Service virzestellen.

SIMPA ass den nationale Service fir **Informatioun a Mediatioun** am Beräich vun de Servicer fir Persounen am Alter. Et ass en zentralen Uspriechpartner fir Residenten, Benotzer, Familljen an Organisatiounen, déi Servicer fir Senioren ubidden. **Schwéierpunkten** sinn:

- 1) **Informatioun a Berodung** zu allen Themen ronderëm Déngschtleeschungen fir Senioren, déi am Gesetz vum 23. August 2023 virgesi sinn:
 - Wunn- an Betreuungsstrukturen
 - Betreit Wunnen

- Dageszenter
- Aide & soins à domicile - haisleg Hëllef a Pfléeg
- Repas sur roues - lessen op Rieder
- Tële-Alarm
- Aktivitéiten fir Senioren an d' Clubben Aktiv Plus

2) **Mediatioun**, woubäi SIMPA intervenéiert wann et **Differenzen oder Konflikter** tëscht der eelerer Persoun, hirem Ëmfeld an/oder engem Service-Provider gëtt. D'Mediatioun hëlleft:

- e konstruktiven Dialog opzebauen,
- eng Léisung fir all Parteien ze fannen,
- d'Zesummenaarbecht mat Organisatiounen ze verbesseren.

De **Seniorentelefon**, gegrënnt 1999, gouf an d' Simpa integréiert. Uruffen kann een do vun 8h30 bis 12h30.

Kuerz resuméiert ass **SIMPA** eng leedend Struktur an eisem Land, déi Senioren an hir Familljen informéiert, beréit a begleet, besonnesch iwwer Servicer oder am Fall vu Konflikter. Donieft besteet een zentraler ëffentlechen Register, ënner "infosenior.public.lu" mat vill Informatiounen iwwert déi eenzel Strukturen. D'Uriff -360 d' lescht Joer- an d' Dossieren gi vu SIMPA geféiert. Gestallte Froen leien an de Beräicher Käschten, erlaabten Hausdéieren, Qualitéitskontrollen,

D' Informatiounen an d' Optrieden vun der Mme Weis hunn eis qualitativ iwwerzeegt. Mir soten hir en häerzleche Merci, a mir freeën eis, si fir eis nächst Konferenz anzulueden. Fir de Programm ze fëllen versiche mir dat mat hire konventionéierten Partner **Mäi Wëlle, Mäi Wee / Mediatioun Santé / Patienteverfügung** ze kombinéieren. Mir diskutéieren dat awer nach an eiser nächster Sëtzung.

Méi Detailler fënnt een ënnert "simpa.public.lu" am Internet.

Punkt 5 : Seniorenfeier am Dezember

An der nächster Sëtzung musse mir nach eng Kéier iwwert den Kaddo schwätzen.

Punkt 6: Ausflug mat der Marie-Astrid

Et war e wonnerschéinen Dag, a mir soen am Numm vun alle Participanten villmools Merci.

Punkt 7 : Nächst geplanten Datumen

1. **Kaffistuff:** 29 September an den 17 November
2. **Kinoler:** 23 Oktober (mat der Gemeng ofstëmmen, Bréif Enn September un 60+)
3. **Konferenz Owend:** 4 Mäerz 2027 um 18h30 an der Koll (mat der Gemeng ofstëmmen)

Nächst Versammlung: 29 September no der Kaffistuff

Fir déi nächst Dagesuerdnung kann een déi follgend Punkten scho vermierken:

- Validatioun Rapport
- Retouren, Demanden aus dem Gemengerot
- Seniorenfeier, Auswiel anere Kaddo (mir brauchen eng nei Iddi)
- Konferenz am Mäerz virbereeden
- Divers

Dëse Rapport soll an engem Délai vun 2 Wochen no der Sëtzung un d'Memberen verschéckt a no der Approbatioun als PDF un déi responsabel vun der Administration (Laetitia.Strotz@helperknapp.lu & yves.munchen@helperknapp.lu) weidergeleed.